Leiw Kolleginen an Kollegen Delegeierten, Kollegen aus dem Exekutiv, aus dem Comité d'Administration,
Leiw Memberen vun onser Amicale, Vertrieder vun onser Mutuelle,
Vertrieder vun der Presse,

Ech sin frou Iech haut den Owend op onser Generalversammlung hei an den Gebailechkeeten vun der LALUX zu Leideleng kënnen ze begreissen. Ech soen vun hei aus der Direktioun vun der LALUX en ganz décken Merci, dass mir haut vun hiren Raimlechkéeten kënnen profiteieren.
Leiw Kolleginnen, Leiw Kollegen,
virun knapps 8 Meint, den 15. Oktober 2014 , hutt dir enger neier Equipe aert Vertrauen geschenkt. Dir hudd Sie dobai ënnerstetzt, an mandateiert, fir d'Aleba nei ze positioneieren. Mir sin zanter hir onermittlech dobai ärem Optrach gerecht ze gin. Mais, ech muss zougin, datt nach ettlech Hürden ze huelen sin an datt mir zesummen nach eng laang Streck matt villen Erausfuederungen virun ons hun. Mir sin um Wee vun der Ernéiereung. Ons vereelst Informatik get endlech den heitegen Ufuederungen ugepasst an virun allem hun mir e néie Logo an e néie Slogan. Preserving your future.
Dese Slogan dreckt kuerz a knapp aus, waat mir ons zum Ziel gesaat hun. Mais léiew Kolleginnen a Kollegen, dëst ass nëmmen matt ärer Hëllef ze ereechen. Dir sidd an aeren Betrieber eisen Porte-parole, an kënnt un der Basis ons Philosophie vertrieden, mais virun allem, ons de néidegen Feedback vun de Besoien vun onsen Memberen zereck gin.

D'Finanzkris ass bei weitem nach nëtt iwerstanen. Mir mierken et alleguer am Alldaag dobaussen um Terrain. Déi sellech Sozialpläng oder Betriebsvereinbarungen, sin nëmmen e puer vun den Symptomer.
Dei haart a laang Négociatiounen fir den Assurances Kollektivvertrag sin e Paradebeispill fir d'Interprétatioun vun den Chiffren saitens dem Patronat. Mir kennen quasi deiglech vun den deels excellenten Resultater aus dem Finanzsecteur an der Zeitung liesen. Wann et awer drems geet dem Personal, waat jo nett onweesentlech un desen Performancen bedeelegt ass, e Stéck vum Kuch oofzegin, héieren mir vun Patronatssait ganz aaner Klacken. Dofir mussen mir onsen Léit um Verhandlungsdesch Respekt entgéint brengen, fir hier consequent Bestriewungen, daat Bescht fir d'Salarien auszehandlen.
Et ass nett, well mir nett omnipresent an der Press sin, datt mir nett intensiv mat onsen Leit un Léisungen schaffen. Mir konzentréieren ons Energie op daat Weesentlecht an nett op iwwerflesseg Commentairen an den diversen Medien. Stellungnahmen vun aneren, éventuell matt villen Emotiounen ze widderhuelen, brengt ons an iech nett weider. Ons ass et wichteg e Sujet détaillert a gewessenhaft ze recherchéieren an ze analiséieren befir mir ons dozou äusseren. De richtegen Zaitpunkt fir e Commentaire oofzewaarden ass de Schlessel zum Vertrauen vun de Salarien. Nemmen matt Professionalismus kennen mir hinnen d'Gefill vermettlen, datt mir un hirer Sait sin an sie ennerstetzen.
Ons Feierungséquipe ass an de Betrieber am dagdéeglechen Business involvéiert. Doduerch sin mir ganz no bei de Leit an hiren Problemer, mee, wann een de Jurnalisten Glaawen well schenken, fir d'Press nett esou ereechbar ewei sie sech daat wënschen. Mir loosen ons nett gär zu spontanen, oniwwerluechten Commentairen hireissen déi dann falsch interprétéiert gin.
Dei nächst Sozialwahlen stinn quasi virun der Dir. Bis 2018 mussen mir ons Positioun duerch ons Kompetenz, Präsenz an ons innvovativ Ideen stärken. Daat kann ons nemmen matt ären onermittlechen Efforten um Terrain gelengen. D'Salariéen mussen wëssen, datt mir sie emmer ennerstezen an mir mussen, virun allem duerch iech an de Betrieber, fir sie erreechbar sin.
Et därf keng Distanz entstoen, well soss fillen d'Léit sech nett gudd encadréiert a verléieren d'Vertrauen.

Dofir, léif Kolleginnen an Kollegen, zeckt nett matt ons ze schwätzen an ons Virschléi ze machen, wéi mir nach méi effectiv um Terrain kenne schaffen.
Ons Mattarbechter hun emmer en oppend Ouer fir är Doléancen an réagéieren proactiv op är Demanden. Sie sin stark sollicitéiert. Komplex Ufroen, mussen matt vill Intelligenz an Sensibilitéit behandelt gin. Et ass evident, datt eng professionnel Approche vun den diversen Sujéeten och eng gewess Zait an Usproch hëllt. Dofir géif ech iech bieden, hinnen ze vertrauen an nett direct ze verzweifelen, wann sie iech nett bannent 5 Minutten zereck geruff hun. Dir sollt awer och wëssen, datt delikat Affären och matt engem Member vum Comité exécutif oder dem comité d'administration beschwaat kenne gin. Nom relooking vun onsem Internet Site ass et matt engem Click méigelech ons Coordonnéen ze fannen an domat sin mir fir iech méi liicht erreechbar.

Ech well awer och onsen Vertrieder vun der Mutuelle an der Amicale e ganz besonnesche Merci ausdrecken. Duerch hir wertvoll Kontakter sin sie och een vun de Pilieren vun onser Associatioun. Hir Ennerstezung ass onerlässlech och en vue vun de nächten Wahlen.
Mir leit awer och nach en aneren Punkt um Härz. Mir sin nach emmer e bessen eng Männerdomän an ech well dess Geleegenheet notzen fir d'Dammen z'encouragéiren sech op gewerkschaftlechem Niveau anzebrengen. Ech wees ganz gudd, datt et fir sie oft méi schwéier ass ewéi fir ons Männer alles ennert een Hutt ze kréien, mee ech wees awer och, datt d'Dammen heefeg eng aaner Approche zu de Problemer hun ewéi mir. Dofir sin ech der Meenung, daat et fir ons Missioun wichteg an hellefraich ass, wann ons Délégatiounen aus enger gudder Meschung vun Fraen a Männer bestinn. Mir hun déi grouss Chance, schon e puer ganz engagéiert Dammen an onse Réien ze hun, an et ass mir wichteg, datt sie wessen ewei wertvoll hir Arbecht um Terrain ass.
Léif Kollegeninen a Kollegen, elo hun ech awer erem méi lang geschwaat, wéi dir et secher wollt, mee ech hun missen vun dëser Geleegenheet profitéieren fir iech ons Valeuren an Iwwerzeegungen matt op de Wee ze gin.
Villmols Merci fir är Opmierksamkeet. Merci nach eng Keier un d'Direktioun an d'Delegatioun vun der LALUX, dass mer haut kënnen hei sin. Merci.